Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DE RENÉ GOORIX sr.

Den 18. Dezember 1909 gouf hien zou Diddeleng gebuer an och wann sein richtegen Virnumm Remy wor gouf hien sein Liewen lang René geruff. Als Bouf koum den René nett laang no der Grënnerzäit an den 20er Joeren bei eisen Groupe an wor e puer Joer aktiven Chef iert hien 1931 als jonken Kärel sollt den 9ten Chef de Groupe vun den "Boy-Scouts Peaux-Rouges" ginn. Dësen Posten hat hien iwwert vill Joeren ewech an et huet keen méi wéi hien d'Peaux-Rouges zou där Zéit geprägt iert hien 1958 d' Fakel weidergereecht huet. An den 30er Joeren, direkt nom Krich an an den 50er Joeren woren en sëllechen Aktivitéiten ënnert senger Leedung an eisen Groupe huet geblidd. An den batteren Krichsjoeren wor den René Resistenzler géint d 'Preisen an huet eisen Fändel an aner Saachen bei sech doheem um Späicher verstoppt. Frankräich huet him nom Krich fir seng nobel Verdéngschter den 22. Oktober 1950 d' "Médaille de la Reconnaissance française en argent" iwwerreecht. No der laanger Zäit als aktiven Chef blouf hien nach bis zou sengem Doud Member vum Comité vum Groupe. Geschafft huet den René en Liewen laang als Aarbechter op der ARBED. Bestuet wor hien mam Guillaumine LENTZ a Papp vum Henri. Nach iert am selwechten Joer eisen haut erëm esou schéinen an groussen Groupe wéi "Phönix aus der Asche" opkomm ass, an hien dat leider just nett méi materliewen konnt, huet den René eis den 4. Juni 1984 verlooss.

****